# WANDROUS

LIONS BLEUS
Ausgab N°395
DEZEMBER-JANUAR'26

**WANDROUS**
Redaktion: **Cheffenekipp LBB**
Respo fir den Drock & Verschécken: **LBB**
Exemplaires: **230**
Paperless: **100/230**
E-Mail: **wandrous@lionsbleus.lu**

**LIONS BLEUS**
Online: **www.lionsbleus.lu**
Infos générales: **cg@lionsbleus.lu**
Location chalet: **location@lionsbleus.lu**
Compte Groupe LBB:
**CCPL IBAN LU82 1111 0498 5493 0000**

## GRUPPEN-VERSAMMLUNG'25



**! UP TO DATE MAT DER WANDROUS !**
**Lies d'Wandrous an entdeck Neiegkeeten aus der Welt vun den Lions Bleus.**

Périodique des LIONS BLEUS BONNEVOIE a.s.b.l. (Affilié à la FNEL)
Adresse Postale: B.P.23 L-5801 HESPERANGE

Fannt eis op **Facebook**
www.facebook.com/lionsbleus

# LES AMIS DES LIONS BLEUS



Erënners och DU dëch un déi Camp'en, déi sëch herno als mémorabel erausgestallt hun, un d'Aktivitéiten wou's DU dëch herno gefroot hues, wéi daat méiglech wor, schwätz och DU haut nach all kéiers iwwer déng Scoutszäit wanns de een vun déngen aalen Scoutsfrënn erëmgesais?

Bass och DU frou dat déng Kanner an den Scouten sinn, an schmunzels DUnët heiansdo wann déng Kanner no enger Aktivitéit, dreckeg an midd, mee mat blénkegen Aan verzielen waat Sie Alles zesummen um Camp erliewt hun? Bass DU nët heiansdo eng Grimmel melancholësch dat's DU mat dénger Scoutszäit oofegschloss hues, oder einfach aaner Weeër gaang bass?

Bedenk dat während dénger Scoutszäit Cheffen do woren déi sëch ëm dëch gekëmmert an gesuergt hun, an elo sinn nach ëmmer Cheffen do, déi sëch ëm déng Kanner këmmeren an suergen. Dat d'Home ënnerhaal, gebotzt, vergréissert ginn ass an nach ëmmer zu 100% genotzt gët.

Vun all Scoutsgeneratioun hun sëch der e puer dozou entscheed Responsabilitéit ze iwwerhuelen, an wieder un dem Scoutswee ze bauen deen virun iwwer 100 Joër vun Brownsea aus an déi ganz Welt erausgebaut ginn ass.

Wëlls och DU dat d'Scouten weider bestoën bleiwen kënnen an dat weiderhin d'Kanner an Jugendlecher ausgebild, an op hieren Liewenswee viirbereed ginn?

## Dann zéck nët an gëff elo direkt Member vun den ‚Amis des Lions Bleus'

D'Amis des Lions Bleus bestinn zum Deel aus aktiven wéi inaktiven Memberen, mee och aus Elteren, Frënn an Bekannten, déi ALL een gemeinsamt Ziel hun: D'Weidergoën vun den Lions Bleus ze garantéieren. Och wann ee Deel vun deenen Memberen weiderhin am Hannergrond fir de Groupe aktiv sinn, verhënneren Sie awer Alleguerten mat hieren Don'ën, dat déi aktuell an déi nächst Cheffengeneratioun nët duerch Geldsuergen vun hierer Haaptcharge oofgelenkt ginn.

D'Amis des Lions Bleus sinn Lèit déi nët wëllen, nët kënnen, keng Loscht oder einfach keng Zait méi hun fir sëch aktiv bei den Lions Bleus ze engagéieren, an dowéinst dem Groupe op eng onkompliziéiert an extrem efficace Manéier hëllefen, duerch regelméisseg Don'ën.

D'Kapital waat esou am Laaf vum Joër zesummen kënnt gët vum Comité de gérance verwalt, d'Konten stinn fir Jiddereen op, an ginn wéi all Joër op der Assemblée générale veröffentlecht.

**Dofir ënnerstëtz och DU ons w.e.g.**
mat engem Ordre permanent*
**vun 5,00€ / 10,00€ / 15,00€** pro Mount**
op onsen CCPL: LU82 1111 0498 5493 0000
mat der Mentioun ‚Les amis des Lions Bleus + Numm oder Anonyme

*fir onsen Budget besser kënnen opzedeelen zéihen mir fiir regelméisseg en klengen Bäitrag ze kréien, esou kënnen mir mat an op een ‚revenue' zielen, an domadder rechnen. No Ënnen an Uëwen sinn keng Limiten gesaat.
Natiirlech freen MIR ons iwwert en eemolegen oder regelméissegen Don !

**Mir sinn der Meenung dat eng kleng an regelméisseg Finanzsprëtz villaicht méi liicht ze verkraaften ass
Vun 15,00 Euros pro Mount un, sinn selbstvertsändlech Memberskaart/Wandrous natiirlech gratis!
Wéi's DU an zwëschenzäit konns feststellen sinn eng ganz Rei vun Memberen an Frënn nach ëmmer mat Freed dobai!

**Hinnen sief vun hei aus een Décken MERCI gesoot !**

MAMMUT
SCARPA
PETZL
THERM-A-REST
Lowe alpine
maloja
hanwag
Jack Wolfskin
deuter
THE NORTH FACE
LOWA simply more...
KEEN
patagonia
Teva
VAUDE
PRIMUS
HAGLÖFS
FJÄLL RÄVEN
icebreaker
GARMIN
MEINDL Shoes For Actives
MSR
TATONKA

# Waat brauchs DU fir Geld ze spueren? *

Loscht op **gudd Scoutsmaterial** an op **eng exellent Beroodung**?
DU hues eng gülteg Memberskaart vun den LIONS BLEUS!
Dann ass hei Adress fir dëch:
**VIKING-ADVENTURES zu Tréier!**
Paulinstrasse 25 D-54292 Trier



**d'LIONS BLEUS**
kaafen beim
**VIKING-ADVENTURES !**




**!!! RÄUMUNGS-VERKAUF !!!**

* **DU** kriss op **ALL** Artikel **10% Ermässegung**,
wann's DU déng **gülteg Lions Bleus Memberskaart** fiirweisen kanns !!!




# www.viking-adventures.de

# LBB goes PAPERLESS



**Léif Memberen, Léif Elteren, Léif Frënn,**

Iwwerall op der Welt ginn ët de Moment Diskussiounen iwwer de Klimawandel sozial an ekologësch Responsabilitéit an eis Zukunftspläng. Vun Greta Thunberg bis Greenpeace huet Jiddereen sain Plang wéi en eis Zukunft an eisen Planéit verbesseren wëll an ët ass mëttlerweil een Thema, daat een net méi ignoréieren kann.

Dowéinst hun d'Lions Bleus entscheed Moossnahmen ze huelen, fir an dësem Sënn & Thema och Verantwortung ze iwwerhuelen. Keng plastiks Schalimo'en um Léiwefest, Plastik-Verpackungen evitéieren wou ët geet an nach méi op d'Natur oppassen wéi mir daat bis elo schon gemaach hun.

Dëst wëllen mir och gären un eis Emgéigend weiderginn.

Dowéinst...fir Unzefänken:
Hun mir entscheed dës éischt Schrëtt bei eiser Zeitung, der Wandrous, unzefänken...

Mir ginn iech d'Méiglechkeet ze entscheeden op een séng eegen Wandrous nach wëll per Post an der Bréifkëscht hun, op een eng Wandrous pro Adress geschéckt kréien wëll oder op een wëll iwwer Email informéiert ginn, dass déi nei Wandrous online ass.

Gären kënnt dir eis folgend Souche oofginn, an mat Iech an eis zesummen ansetzen fir eng besser Welt!




Heimat wëll ech .................................................................. méng Wandrous an Zukunft:

☐ weiderhinn wéi ëmmer mat méngem Numm an d'Bréifboite kréien.

☐ fir eis Famill een eenzegen Exemplaire zesummen kréien.

☐ per Mail informéiert ginn, dass déi aktuell Wandrous um LBB-Site online ass.

Dëst op d'Adress: ..........................................................................................

☐ nët méi informèiert ginn oder eppes geschéckt kréien.

# CHEFFEN 2025-2026

## Simply present LBB-STAFF for 2025-2026:



**Léif Elteren,**
Dëst sinn dèi Jugendlëch (an manner Jugendlëch) deenen Dir Är Kanner roueg kënnt unvertrauen. All d'Branchen-Cheffen hun déi Formatioun gemaach dèi vun der FNEL verlaangt gët fir kënnen Chef an deenen verschidden Branchen ze sinn. E groussen Deel vun den reschtlechen Responsabelen sinn am gaangen hier Formation ze maachen. Sie genéissen daat voll Vertrauen vum Comité.
Zéckt nët fir Sie ze kontaktéiren wann Dir Froën hudd oder zousätzlëch Informatiounen braucht.

**Chef de Groupe / Assistants Chefs de Groupe:**
FLAMMANG Raphael (Mankei)
MAJERUS Max (Lynx)

**Contacts:**
Allgemeng E-Mail: **cheffen**@lionsbleus.lu
just Chef de Groupe: **cg**@lionsbleus.lu

**Konto fir GR-Aktivitéiten:** Les Lions Bleus - Rover / BCEE: IBAN LU83 0019 4955 9103 3000

**BEAVER (BV)**
BOURQUEL Chris (Titan)
DIEDERICH Nora (Jolly)
BRINSTER Anna (Foxi)
FRISCH Danie (GriGri)

**Konto:**
Les Lions Bleus - Beaver
> BCEE: IBAN LU91 0019 4955 9097 0000

**Allgemeng Email: beaver**@lionsbleus.lu

**MEUTE (LX)**
FRISCH Danie
HAUENSTEIN Kiara (Kala)
PEPIN Levi (Keego)
MILLIM Alex (Bagheera)
RODESCH Jasmine (Matka)
WOHLGENANNT Amélie (Raschka)
HAUENSTEIN Tasha (Ikki)

**Konto:**
Les Lions Bleus - Meute
> BCEE: IBAN LU56 0019 4955 9099 1000

**Allgemeng Email: meute**@lionsbleus.lu

**TROUPE (SG)**
MAJERUS Max (Lynx)
LAGADEC Manon
ZAHLEN Chiara
BRINSTER Mia
PIRON Nicolas
PEPIN Cédric
PIRON Aleksis (Pongo)
HEINEN Catherine (Fugu)

**Konto:**
Les Lions Bleus - Troupe
> BCEE: IBAN LU65 0019 4955 9100 5000

**Allgemeng Email: troupe**@lionsbleus.lu

**EXPLORER (EX)**
FLAMMANG Raphaël (Mankei)
FRISCH Pit

**Konto:**
Les Lions Bleus - Explorer
> BCEE: IBAN LU30 0019 4955 9102 6000

**Allgemeng Email: explorer**@lionsbleus.lu

**ROVER (RO)**
FLAMMANG Adrien (Loup)
ENGLEBERT Lara (Dama)

**Email: rover**@lionsbleus.lu

**TEMBO (TB)**
SCHMITT Lex (Atra)
FISCHER Manon (Tamia)

**Email: tembo**@lionsbleus.lu

# LBB WANTER-MAART & KLEESCHEN



# Léiwe Scout an Explorer,



Mir brauchen är Hëllef,
Eppes ganz bizarres ass geschitt...

Kee weess genau wat geschitt ass, mee eppes ass sécher:
Mir brauchen muteg a schlau Detektive fir d'Wouerecht vun de ganze Ligen ze ënnerscheeden.
Um Programm steet: Hiweiser entdecken, Spuere verfollegen, Verdächteger sichen (oder vläicht gëss du jo verdächtegt) an eventuell Erkenntnisser maachen déi der kal de Réck eroflafe wäerten.

**Départ:** Sonndes, den 21.12.25 um 9.30 Auer op der Gare Centrale
**Retour:** Dënschdes, den 23.12.25 um 16 Auer beim Chalet Ranch Moot (Rue des Charretiers, 9514 Wiltz)

**Souche:** oofzeginn bis spéitstens de 14. Dezember 2025
**Präiss:** **60€** si bis de 14. Dezember 2025 op de Compte: Les Lions Bleus - Explorer (BCEE IBAN LU30 0019 4955 9102 6000) ze iwwerweisen mat der Mentioun: Krëschtcamp'25+Numm vum Kand.



**Material:** >>> **PICNIC fir mëttes,** e grousse Bidon m.Waasser, Biergschong, Schlofsak, dem Wieder ugepasste Kleeder (et gëtt kal), Ersatzkleeder, Pyjama, Wäschsaachen, Gamelle mat Besteck a Kichenduch, Täscheluucht & Messer, dem Detektiv säi perséinlecht Material, …



**Heimat erlaben ech** ________________________________

**mengem Scout/Explorer** ____________________________ **um**

**Krëschtcamp vum 21. bis den 23. Dezember 2025 deelzehuelen.**

**Datum & Ënnerschrëft:** _______________________



# MIR ginn SCHLITTSCHONG fueren !!!

**Sou lues verstëpsen eis Schlittschong am Keller. Dofir gët ët héisch Zäit dass mir së mol erëm benotzen!!! Mell dëch also séier un fir dat mir och mat DIR puer Pirouetten dréinen kënnen.**

**Wèini:** Den 17. Januar 2026 um 10h00 um Parking vun der Schlittschongspist op der Kockelscheier
(42 route de Bettembourg L-1899 Luxembourg)

**Retour:** 12h00 baussen bei der Entrée vun der Schlittschongspist

**Präiss:** 8€ (awer nëmmen 4€ > wann een séng eegen Schlittschong matbréngt) sinn ze iwwerweisen bis den 10. Januar 2026 op den Compte „Les Lions Bleus – Beaver“ (BCEE IBAN LU91 0019 4955 9097 0000) mat der Mentioun: „Schlittschongsortie26-Numm vum Participant”

**Souche:** ass oofzeginn bis spèidstens den 10.01.26 !

**Waat brauchs du:** Passend Kleeder undoën !!!
(Händschen, Schaal, Mutz, déck Strëmp...), FOULARD & eppes fir ze drénken an eppes Klenges fir ze iessen/Snack!

**BEAVERKLACK**

Heimat erlaaben ech ....................................... méngem

BV/LX/SC/EX ...................................................... den 17.01.26
un der Schlittschong-Sortie deel ze huelen.




.....................................
Ënnerschrëft

...............
Schonggréisst vum Kand


**Opgepasst!** Do huet ee sech wéi gedoën! Séier eng Plooschter! Oder Kühlpack? Vläit awer een Drockverband? Nee, eng Häerzmassage!
Fir dass dir sou ee Faux pas an der Éischt Hëllef NET mei geschéie kann, proposéiere mir zesumme mam Yuko ee flotten an informative Weekend fir deng éischt Hëllef-kënscht opzefrëschen!





**Wat erwaart dech?**
Ee Weekend (pro Daag je 6 Stonne Kuer) inklusiv engem Filmowend.
**>>> Nom absolveieren vum Kuer, kritt dir natierlech een 1. Hellefs Brevet ausge-schriwen a mat Heem.**



**Start?**
Samstes den 24. Januar 2026 um 8h00 an eisem Home
**Schluss?**
Sonndes den 25. Januar 2026 um 17h30 an eisem Home





**Waat brauch ech?**
Pic a Block, Schlofsaachen (Schlofsak, Wäschtrousse, Pyjama, ...), Jogging/bequeem Kleeder fir Owes, Bidon mat Waasser, Ersatzkleeder, an wats du sos nach alles brauchs fir ee Weekend

**Präiss an Umeldung?**
**10 €**, dës sinn op den Explorercompte ze iwwerweisen
mat der Mentioun: "1. Hellëf + Numm vum Participant"
>>> Mell dëch per Souche oder WhatsApp bei déngem Chef un bis spéidstens den 10. Januar!

Heimat mellen ech ........................................................... gären
mäin Explorer ....................................................... fir den 1.Hellëfs-weekend den 24.-25.01.2026 un.

Datum & Ënnerschrëft: ..........................................



## INVITATION
# ASSEMBLEE GENERALE ORDINAIRE

Léiwe Member, léiw Elteren,

De Comité vun de Lions Bleus Bonnevoie a.s.b.l. huet d'Éier Iech op eis alljährlech ordinär Generalversammlung ze invitéieren. D'Versammlung wäert stattfannen

**Den 31.Januar 2026**
**um 18h00 Auer**

**Home LBB**
**61, rue de Pulvermühl**
**L-2356 Luxembourg**

**Um Ordre du Jour sti folgend Punkten:**

1. Begréissung an Usprooch vum Président
2. Rapport vun der leschter Generalversammlung vum Sekretär
3. Rapport vum Caissier iwwer d'Finanzen vum Joër 2025
4. Rapport vun de Keessereviseuren iwwer d'Finanzen vum Joër 2025
5. Présentatioun vum Budget fir d'Joër 2026
6. Ernennung vun de Keessereviseuren fir d'Joër 2026
7. Rapport vun de Scoutsaktivitéiten vum Joër 2025
8. Erneierung vum Comité fir d'Joër 2026
9. Verschiddenes a Gemëschtes

*****Dono sidd dir Alleguerten härzlechst invitéiert sur place op e klengen Snack & Patt an gemiddlecher Ambiance.**

Merci fir är Participatioun iwwer Mail op comite@lionsbleus.lu bis de 27.1.2026 ze bestätegen.

## LBB-Shop 17h30-18h00 & no der AG

Profitéier vun der Geleeënheet fir op der eiser AG, an och dono, nach deng nei Saachen am Shop ze kaafen a vu super Remisen ze profitéieren!

Eis ganz Gamme fënns du op https://www.lionsbleus.lu/lions-bleus/shop

# FNEL RAID | FIR D'EXPLORER (EX)




**Moien léif Explorer,**

**Wann dir Loscht hutt mat eis an den aneren Explorer, är Orientatiounswëssen op d'Prouf ze stellen an ee flotte Wantertrajet mat ze maachen.**
**Da maacht mat bei der dësjäreger Editioun vum Explorer Raid. Alles wat dir maache musst ass iech umellen a voller Motivatioun op den Départ kommen.**

**Start?** Samstes, 10.01.2026 +/- 14 Auer zu Réimech op der Esplanade
**Retour?** Sonndes, 11.01.2026 um 10 Auer beim Keltenhaus um Heihaischen.
Déi genee Infos/Détailer kommen no der Umellung !!!

**Waat muss den Explorer dobei hunn?** Een Daypack Also Alles fir een Trajet an enger Nuescht dobaussen (+++Wanderschong, Carrymatt, Schloofsack, geféllten Bidon, Gamelle an alles wat ee soss brauch...)

**Umelldung?** per Souche/WhatsApp bis den 21.12.2025.
**Praiss?** **15€**, sinn ze iwwerweisen bis 21.12.2025 op den Konto: Lions Bleus-Explorer (BCEE Lu30001949559 1026000)
mat der Mention: FNEL Raid'26-Numm vum Participant.




Heimat erlaaben ech ______________________ méngem

Explorer ____________________ mat ob den ExplorerRaid

den 10.-11.01.2026 vun der FNEL mat ze goën.

Ënnerschrëft: ______________________________

# WEEKEND | FIR TROUPE (SC)

Léif Scouten!
D'Land vun de Pyramiden a Pharaonen, matten an der Wüüst, awer och un engem vun de gréisste Flëss weltwäit... Mee wat weess du eigentlech wierklech iwwer Ägypten? Komm mat eis mat op eng Rees an dëst mysteriéist Land am Norde vun Afrika!





**SAVE THE DATE:**

... 07.02. bis 08.02.2026

... Weider Infos kommen no...



## Léiwe Wëllefchen,

Dëse Weekend verschléit ët eis an e Land voller Bësch a Séien, déi sou déif si wéi séng Geheimnisser. Op der Sich no eise verschwonnen Djungelfrënn, féiert eis d'Spuer eng Kéier duerch dëst Land mat all sénge Schätz. Mëll dëch also séier un, fir dem Mowgli ze hëllefen séng Frënn erëm ze fannen.

**Départ:** Samstes, den 7.02.26 um 10:00 Auer virun der Gare Centrale Luxembourg
**Retour:** Sonndes, den 8.02.26 um 14:00 Auer beim Home vun ‚Les Loutres‘
zu Miersch (Adress: Haardter Wee, 7534 Mersch)

**Präiss:** **35€** sinn op de Compte “Les Lions Bleus-Meute” ze iwwerweisen
(BCEE IBAN LU56 0019 4955 9099 1000)
mat der Mentioun: WeekendMeute26+ Numm vum Kand.

**Souche & Bezuelung:** Bis zum 20. Januar 2026

**Waat brauchs du?**
Am grousse Rucksaak: e Schlofsaack, Gamelle a Besteck, Becher, dem Wieder ugepasste Kleeder, Ersatzkleeder, Schlappen(optional), Wäschsaachen, dem Wëllefchen séng 5 Saachen, ...
Am klenge Rucksaak: **Picknick**, Bidon mat Waasser, Täscheluucht, Biergschong a ganz vill Motivatioun...



**Heimat mellen ech ...................................................**

**gär mäin Wëllefchen ................................................... fir**

**dësen flotten Weekend den 07.-08.02.2026 un.**

**Datum & Ënnerschrëft: ..........................................**

# TECHUANA 2026 | FIR EX/RO/TB...

## „ Der Berg ruft"

**Jo ët ass erëm esou wäit, och dës Scouts-Joër fueren MIR nees an Techuana.**
Du frees dëch also schons drop ouni Elektrësch, Heizung an fléissend Waasser ze liewen. Op Natur Pur, e puer flott Deeg op der Skipist ze verbréngen, dëch verwinnen ze loossen an der Piscine/Sauna, einfach Wanderen ze goën oder e Buch ze liesen bei schnurrender Gazluucht an nët ze vergiessen d'Rodelen oder onsen Remake vum sensationellen Erlebniswanderweg? Dann ass daat genee daat Richtegt fir Dëch!
Mell dëch schnell un, well du wees jo >D'Plaatzen sinn limitéiert !!!

**Wien duerf mat:** Jiddereen deen bis den 1.09.2025 > 14 Joër kruut !!!

**Start:** Freidesowes, den **13.Februar 2026** um 18h30 beim Home vun den Lions Bleus
**Zerèck:** Sonndesmoies, den **22.Februar 2026** um 11h00 beim Home vun den Lions Bleus

**Präiss:** fir < 18 Joër = **475 € + 250 € = Total € 725**
fir > 18 Joër = **475 € + 275 € = Total € 750**

Daat heescht 475 Euros fir Transport, Chalet, Programm, Iessen, Sauna / Schwämm & déi Léit déi Ski fueren > mussen nach 250/275 Euros fir den Skipass bezuelen.

D'Geld ass ze iwwerweisen op den BCEE IBAN LU83 0019 4955 9103 3000 „Les Lions Bleus - Rover"
>>> bis **spéidstens den 1.02.2026** mat der Mention "Techuana 2025 & Numm vum Participant".

**Täschegeld:** +/- **60 €** ginn duer :)

**Material:** (waarmen)Schloofsaack, waarm Kleeder, Wanterjacket, Skibox, 2 puer Hännschen, Mutz & Schaal, Turnschlappen, déck Schong, Schwammsachen (fir d'Sauna an d'Piscine), Wächsachen, Bidon, Tächenluucht, komplett Wanteruniform, e klengen Rucksack (fir mat an den Auto mat déngen perséinlechen Saachen & fir an d'Schwämm), ...

(Hues du keen eegent SkiMaterial, kriss du an der Elterenversammlung weider News wèi's de daat solls maan...vue-que dat d'Lounen vun Dësem hei zu Lëtzebuerg mèi gënsteg ass ewèi sur place an Eisterraich)

**Elterenversammlung:** Fir déi Leit déi mat ginn ass **Versammlung obligatorësch!!!**
Dës ass 1x Mëttwochs am Home vun de Lions Bleus > De genee'n Datum kriss DU nach matgedeelt.
Hei gëss du gewuer wèi den Camp wärt ooflaafen an du kriss och däin perséinlechen Dossier wou Kopien vun déngen Pabèieren dran kommen, mat der Fiche Médicale an enger Apaacklëscht.

<u>D'Souche muss du awer schnellstens oofginn sinn, well soss bass Du nët offiziel ungemëllt!!!</u>

Falls du awer direkt eng Fro häss, kanns de direkt eng Mail maan un : tamia@lionsbleus.lu

SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE

Ech .................................................................. erlaaben mèngem Scout, Explorer, Rover, Tembo

....................................................................................
mat um **TECHUANA-Wantercamp'26** (13.-22.02.2026) deelzehuelen.
D'Souche ass sou schnell wéi méiglech bei déngem
Chef oofzegin, **well d'Plaatzen sinn op 20 Lèit limitéiert !!!!!**

Datum&Ënnerschrëft ..............................................................

SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE

# Surviving a Winternight



## Léiwe Scout,

Hues du dëch och scho gefrot waat's du maache géifs, wann's de dëch wärend engem Hike am Bech verlafe géings ? An dann och nach am Wanter…
Ma keng Suergen, du bass dann net verluer... Op dëser Sortie léiers du dann waat's de maache kanns fir drëschen a waarm duerch déi Nuecht ze kommen.

**Rendez-vous :** Den 28. Februar 2026 um 9 Auer beim Hôtel Sieweburen
(36 Rue des Sept-Fontaines, 2534 Luxembourg)

**Retour :** Den 28. Februar 2026 um 16 Auer beim Hôtel Sieweburen
(36 Rue des Sept- Fontaines, 2534 Luxembourg)



**Praiss :** **5€** si bis spéitstens den 21.02.2026 op de Compte :
Les Lions Bleus-Troupe (BCEE LU65 0019 4955 9100 5000)
mat der Mentioun: "Surviving a Winternight + Numm vum Scout"

**Souche:** Ass bis spéitstens den 21.02.2026
(am beschte per Mail/troupe@lionsbleus.lu) ofzeginn

**Material:** Gutt waarm Kleeder (mir sinn de ganzen Dag dobaussen), Biergschong, Bidon mat Waasser, Gamelle/Besteck/Bëscher/Kichenduch, dem Scout séng siwe Saachen a atiirlech Motivatioun ...

Ech ……………………………………………………………………………… erlaben

heimat méngem Scout …………………………………………………………… op


der ‚Surviving a Winternight Sortie' den 28/02/2026 deelzehuelen.



Ënnerschrëft: ……………………………………………………………

# FNEL QUIZ-OWEND | FIR ROVER&TEMBO




**Rover/Tembo Quiz 2026**
**Gala Grand-Ducal vum Wëssen**

Een Owend um Schlass Bierg

**Freides den 27/02/2026**
zu Colmar-Bierg am Centre Culturel

Dieren: 19.00 Auer
Start: 19.30 Auer

**Präiss: 25€/ Persoun** -> Payconiq (691309454) oder Virement (Scouts Groupe Hirsch Colmar-Berg LU55 0019 3500 0177 1000 mat der Mentioun RO/TB-Quiz - Numm vum Grupp & Equipe)

**Tenue:** Noblesse oblige

**Umeldungsschluss:** 20. Januar 2026
iwwer QR-Code ....

# FNEL WEEKEND | FIR TEMBO (TB)

**Tembodag (Weekend)**

Loscht op e bësse Camp-Feeling? ???

Dann huel däi Rucksak (an déng gudd Laun!) a komm tëscht dem 21. Mäerz 2026 ab 19:30 Auer an dem 22. Mäerz 2026 bis 16:00 Auer op de Fetschenhaff.
(61a Rue de Trèves, 2630 Cents)

Wat steet um Programm?

- Ee Rallye
- GBS
- Schlofen am Zelt
- Outdoorcooking
- Vill Spaass a Spiller

Komm wéi's de bass - eleng, mat Partner, Kanner, Frënn, Hond, Kaz oder déngem Goldfësch (sou laang en nët am Zelt schléift ;)

Mell dëch fir déi Aktivitéiten un, op déi's de Loscht hues - a bereet dëch op eng Portioun Nostalgie, Spaass a Camping-Vibes vir!



**Waat stees de dann nach do?**
**D´Seefekëscht baut sëch nët vun eleng!**
**Geschwënn ass ët souwäit, den Explorerbrevet ass sougudd wéi do. An do wëlle mir natierlech eis Seefekëscht präsentéieren! Also so déngem Chef séier Bescheed op du do bass fir den Weekend!**



**Wéini?**
**Start:** 7. Mäerz vun 10h00 bis 8. Mäerz (Auerzäit kucke mir dann)
am Home LBB


**Waat brauch ech?**
Al Kleeder/Schaffkleeder, Motivatioun a gutt Laun, an d'Material dat mir am Virfeld opgedeelt hunn

**Präiss? & Unmelldung?**
**Nada!** Per Souche oder WhatsApp bei déngem Chef...
Fir Iessen gët gesuergt!

**Heimat mellen ech ............................................................ gären**

**mäin Explorer ........................................................ fir den Seefe-**

**KëschteBauWeekend den 7.-8.03.2026 un.**



**Datum & Ënnerschrëft: ...........................................**

# PROGRAMM BEAVER

| | | |
|---|---|---|
| 06.12.2025 | | WANTERMAART & KLEESCHEN |
| 13.12.2025 | 14:00-16:00 | Beaverversammlung |
| 20.+27.12.2025 | | keng Versammlung - VAKANZ |
| 20.12.-04.01.2026 | | KRËSCHT-VAKANZ |
| 04.01.2026 | | keng Versammlung - VAKANZ |
| 10.01.2026 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |
| 17.01.2026 | | GR-SCHLITTSCHONG-SORTIE |
| 24.01.2026 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |
| 31.01.2026 | **16:00 - 18:00** | Beaverversammlung dono AG |
| 31.01.2026 | ab 18:00 | LBB ASSEMBLÉE GÉNÉRALE |
| 07.02.2026 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |
| 14.+21.02.2026 | | keng Versammlung - VAKANZ |
| 14.-22.02.2026 | | FUES-VAKANZ |
| 28.02.2026 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |
| 07.03.2026 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |
| 14.03.2026 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |
| 21.03.2026 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |

# PROGRAMM WËLLEFCHER

| | | |
|---|---|---|
| 06.12.2025 | | WANTERMAART & KLEESCHEN |
| 13.12.2025 | 14:00-16:00 | Versammlung |
| 20.+27.12.2025 | | keng Versammlung - VAKANZ |
| 20.12.-04.01.2026 | | KRËSCHT-VAKANZ |
| 04.01.2026 | | keng Versammlung - VAKANZ |
| 10.01.2026 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 17.01.2026 | | GR-SCHLITTSCHONG-SORTIE |
| 24.01.2026 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 31.01.2026 | **16:00 - 18:00** | Versammlung dono AG |
| 31.01.2026 | ab 18:00 | LBB ASSEMBLÉE GÉNÉRALE |
| 07.-08.02.2026 | | WEEKEND |
| 14.+21.02.2026 | | keng Versammlung - VAKANZ |
| 14.-22.02.2026 | | FUES-VAKANZ |
| 28.02.2026 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 07.03.2026 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 14.03.2026 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 21.03.2026 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |

# PROGRAMM SCOUTEN

| | | |
|---|---|---|
| 06.12.2025 | | WANTERMAART & KLEESCHEN |
| 13.12.2025 | 14:00 - 16:00 | PatrullenVersammlung |
| 20.+27.12.2025 | | keng Versammlung - VAKANZ |
| 21.-23.12.2025 | | KRËSCHTCAMP mat den EX |
| 20.12.-04.01.2026 | | KRËSCHT-VAKANZ |
| 04.01.2026 | | keng Versammlung - VAKANZ |
| 10.01.2026 | 14:00 - 16:00 | PatrullenVersammlung |
| 17.01.2026 | | GR-SCHLITTSCHONG-SORTIE |
| 24.01.2026 | 14:00 - 16:00 | Truppenversammlung |
| 31.01.2026 | **16:00 - 18:00** | Truppenversammlung dono AG |
| 31.01.2026 | ab 18:00 | LBB ASSEMBLÉE GÉNÉRALE |
| 07.-08.02.2026 | | WEEKEND |
| 14.+21.02.2026 | | keng Versammlung - VAKANZ |
| 14.-22.02.2026 | | FUES-VAKANZ |
| 28.02.2026 | 14:00 - 16:00 | SORTIE |
| 07.03.2026 | 14:00 - 16:00 | PatrullenVersammlung |
| 14.03.2026 | 14:00 - 16:00 | An d'Altersheem |

# PROGRAMM EXPLORER / ROVER / TEMBO

| | | |
|---|---|---|
| 06.12.2025 | | WANTERMAART & KLEESCHEN |
| 13.12.2025 | 14:00 - 16:00 | EX Versammlung |
| 20.+27.12.2025 | | keng Versammlung - VAKANZ |
| 21.-23.12.2025 | | KRËSCHTCAMP mat den SC |
| 20.12.-04.01.2026 | | KRËSCHT-VAKANZ |
| 04.01.2026 | | keng Versammlung - VAKANZ |
| 10.-11.01.2026 | | FNEL EX Raid |
| 17.01.2026 | | GR-SCHLITTSCHONG-SORTIE |
| 24.-25.01.2026 | | EX WEEKEND |
| 31.01.2026 | **16:00 - 18:00** | EX Versammlung dono AG |
| 31.01.2026 | ab 18:00 | LBB ASSEMBLÉE GÉNÉRALE |
| 07.-08.02.2026 | 14:00 - 16:00 | EX Versammlung |
| 14.+21.02.2026 | | keng Versammlung - VAKANZ |
| 13.-22.02.2025 | | TECHUANA |
| 14.-22.02.2026 | | FUES-VAKANZ |
| 27.02.2026 | | FNEL RO/TB Quiz |
| 28.02.2026 | 14:00 - 16:00 | EX Versammlung |

# RAPPORT G-Versammlung| GROUPE (GR)







Den 20. September war et endlech nees esou wäit: No enger laanger Summerpaus hunn sech all eis Beaver, Wellef, Scouten, Explorer a Cheffen am Home getraff, fir zesummen an dat neit Scoutsjoer ze starten. Fir dës grouss Gruppenversammlung haten d'Cheffen esouguer de Baden-Powell agelueden. Leider hat desen awer säi ganzt Scouts-Wëssen iergendwéi vergiess, sou dass mir him alles nach eng Kéier misste baibréngen.
Mat der Hëllef vun all eisen Memberen hu mir eis dofir a verschidde Gruppen agedeelt an op siwen ënnerschiddleche Posten dat wichtegst Scouts-Wëssen nei kennegeléiert. Vum Fändelsmast an dem Foulard iwwer d'Stockbrout bis bei d'Geheimschrëften, alles war dobäi, wat e gudde Scout soll kennen. Och d'Elteren waren invitéiert a kruten d'Geleeënheet, sech bei Kaffi a Kuch an enger gemittlecher Atmosphär auszetauschen an sech besser kennenzeléieren, wärend d'Kanner déi verschidde Posten ofgelaf sinn. No engem flotte Nomëtteg hu mir zum Schluss nach eng Gruppenfoto gemaach a gemeinsam op dat zeréck gekuckt, wat mir geléiert hunn, a wat mir dem Baden-Powell nees a frëscher Erënnerung geruff hunn. **TITAN**









# RAPPORT G-Montée | GROUPE (GR)



Montée 2025

D'Explorer hunn sëch den 4. Oktober um 10:00 op der Gare centrale mat den Scouten getraf an sinn lassgang fir den Trajet. Mir kruten eis Koordinaten an hun eis op den Wee gemach. Mir hun missen Bréifer fannen an dun Etapp fir Etapp den Wee zréck an den Home fannen. Do derteschl hun mer eng kleng Paus gemach fir eis mat eisem Picknick ze stärken. Wie mir rem am Home waren, hunn mir en Spill gespillt (Rëppeltëppel). Duerno hun mer d'Dëscher an d'Still opgeriicht an traditionell wie bei all Montée die leschl Joren eng Spaghetti giess. Duerno stung d'Montée um Programm.
Sonndes nom opstoen hunn mir gefrühstückt an e klengen Frühsport gemach. Duerno hun mir iwer d'Projet'en vun den Explorer geschwaat an gegrillt (lecker Thüringer an Kéiswuppen). Zum Schluss gouf natirlech nach alles opgeraumt an géint 15 Auer hun mir eng Chaine des adieux gemaach an hun eis dun op den Wee fir heem gemach. **Christoph Reuter**

# RAPPORT FNEL KachDuell | EXPLORER (EX)







Sonndes, den 2. November um 14:00 Auer hunn mir d'Explorer ons um Fetschenhaff getraff a goufen an 10 Gruppen opgedeelt. Mir hunn eng Entrée, e Plat an en Dessert misse preparéieren. Dofir hu mir e puer Uweisunge krut: D'Entrée misst Champignonen enthalen, déi eis zur Verfügung gestallt goufen. De Plat misst Wëllschwäinfleesch enthalen, an zum Schluss misste mir fir den Dessert Äppel benotzen. Nieft den obligatoreschen Zutaten hu mir nach aner Zutaten krut, fir eise Plat ze kachen. Mir missten kreativ sinn an eis Platen an 5 Stonnen fäerdeg kréien. Duerno hunn e puer Chef eis Rezepter gekuckt, se getest a bewäert. Dono hu mir selwer kënnen iesse wat d'Cheffe fir eis virbereet haten, Wëllschwäin mat Gromperen. Am Carré gouf eis matgedeelt, wie gewonnen hat, an um 21:30 war ët schon esou wait an dat Ganzt gouf mat enger "Chaîne des adieux" ofgeschloss. **SORAYA**











# RAPPORT ViizWeekend | ab SCOUTEN (SC/EX...)

Mir hunn eis alleguer Samstes um 8 Auer 30 zu Jonglënster getraff. Do hu mir op de Lynx gewaart, an an där Zäit hu mir e puer Spiller gespillt, wéi z. B. De Piti seet oder Ninja. Dunn ass de Lynx komm. Mir goufen op d'Autoen verdeelt a si mat hinnen an Däitschland gefuer, just niewent der Musel. Do hu mir Äppel opgeraaf an d'Beem gerëselt. D'Manon huet eis do och getraff an da hu mir gepicknickt. Duerno hu mir nach e bëssen do opgeraaf an sinn dono nach op eng aaner Plaz gaang. Do war e Baam mat ganz villen Äppel. No ongeféier enger Stonn si mir bei den Lynx op säin Haff gaang op Zëtteg. Do hu mir daat ganzt Material installéiert. Mir hunn eis opgedeelt: e puer hunn d'Äppel gewäsch, geschnidden, gehäckselt, gepresst an d'Fläschen opgefëllt. Daat hu mir bis ongeféier 7 Auer gemaach. Dunn hu mir giess - de Loup huet Gulasch gekacht. Nom Iessen hu mir weider geschafft. Géint 9 Auer hu mir e Nuetsspill gespillt: Loup-Garou. Duerno sinn mir an d'Scheier schloofen gaang.
Sonndes Moies sinn mir um 8 Auer opgestaan. Mir hun giess, an dann hu mir weider geschafft. Daat hu mir bis Mëttegiessen gemaach. Duerno hu mir missen alles oofgeriicht, propper gemaach an geraumt. Géint 14 Auer hu mir den Bus geholl, an eis Elteren sinn eis dun um 14 Auer 30 sichen komm. **LUCIE**







Mir hate samsten moie rdv um p+r Jonglënster um 8:30 . Mir Sinn duerno an daitschland gefuer fir d Äppel ze plécken an och e puer Bieren. Mir Sinn du bei de Lynx op de baurenhaff gefuer fir do de Viiz ze maachen mir hu dann do de ganze Metten viiz gemaach . Owes als nuetzspill hun mir loup garou gespillt an Dunn si mir schlofe geagen . Den nächsten Dag Hu mir nach esou vill viiz Wei méiglech gemaach . Mir Hun Dunn nach zu metteg gegrillt a sinn dann zeréck op de P+R Jonglënster geagen an do sinn eis Elteren eis siche komm.
**INES**









# RAPPORT G-Montée | GROUPE (GR)










Samschdes den 8. November 2025 um 16:00 Auer hunn sech all d'Beaver virum Home getraff fir hir Halloween-Party. Fir vill Beaver war et och hiren éischte Weekend. Jiddereen hat sech flott verkleet a ganz vill Motivatioun matbruecht. Mir hunn de Weekend mat enger klenger Bastelaktivitéit ugefaangen, bei där d'Beaver grujeleg Käerzenglieser a Form vun engem Geescht oder engem Kürbis bastele konnten. No e puer Spiller an der frëscher Loft si mir awer séier nees era gaangen, fir mam Apero unzefänken. Fir dësen haten d'Cheffen e puer grujeleg Snacks virbereet, wéi Mini-Kürbissen, Bananne-Geeschter a bluddeg Hotdog-Fangeren. Dobäi gouf et och nach eng Schossel mat schwamm-enden Äishänn an engem Orangë Mocktail. Nom Apero gouf et fir d'Owesiessen dann nach lecker, selwer gemaachte Burger. Nodeems mir Besuch vun zwee grujelege Geeschter kritt haten, duerft sech jidderee fir d'Party prett maachen, mat Kostüm a Make-up. De ganzen Owend hu mir vill Party-Spiller gespillt an op d'Musek gedanzt. No der Halloween-Party ware mir all zimlech midd a sinn no der Owesaktivitéit ganz séier an d'Bett gaangen.
Sonndes moies hu mir den Dag mat Frühsport a Müsli gestart a missten duerno schonn eis Saache paken. No e puer weidere Spiller dobausse sinn och schon d'Elteren komm, an d'Beaver hunn sech nees op de Wee heem gemaach. **TITAN**













# LBB SHOP

An eisem **SHOP** vun de **Lions Bleus** am Home LBB zu Bouneweg ginn ët folgend Saachen ze kaafen:

am
PACKAGE

**T-SHIRT**
**&**
**HOODIE**

fir nëmmen:
**45 EURO**




T-shirt **17€**



Knuet **5€**




Pullover **30€**



Foulard **10€**

and many more to . . .

Am **nächsten LBB-Shop** am Home kriss du eis **Gruppensaachen** ewéi **Hoodie**, **T-Shirt**, **Foulard**,...

& **50 % SOLDES** op:
Kichendicher, praktesch LBB Tuut, Sticker, Bic & ...

> Natiirlech ass och eisen klengen SecondHand op mat:
Hierm_€15, Pullover_€10, T-shirt_€5 ...

Next **Datumer** wou den **SHOP** op ass:
... **31/01/26** tëschend der Versammlung/virun eiser AG ... **14/03**
... **16/05** virum PC & **27/06** virum Pow-Wow/Summer ...

# FNEL - NEWS




**Tembo goes Stëmm vun der Strooss**

Wéi all Joer hëllefen d'Tembo bei der Stëmm vun der Strooss wärend hirer Chrëschtfeier. Dës fënnt den 18. Dezember'25 an der Hall Victor Hugo um Lampertsbierg statt.

Als Tembo hu mir e Stand, wou mir Gaufferen a Panecher maachen.

Mir deelen dëst Joer eis an 2 Schichten an, du kanns dech fir eng oder och fir déi zwou mellen.

D'Schichte sinn vun 10:00-14:00 an 14:00-18:00.

Villmools Merci fir deng Hëllef.

**#AllDagengBA**

Bescht Gréiss,Vari a Laurent




**FNEL Käerz ‚limited edition'**

Mat de Scoute verbënnt ee vill Geréch, déi een normalerweis nëmme baussen an der Natur erëmfënnt.

Elo brénge mir dës Geréch bei Iech heem: eis 3 Käerze Biergloft, Dennebësch a Marshmallow Doft huelen dat Gefill vun de Scouten a Ären Alldag mat.

Dir kennt se ab elo op **shop.fnel.lu** bestellen.

# FNEL - KALENNER

FNEL SCOUTS-SHOP
**Adresse:**
61A, rue de Trèves
L-2630 Cents
Tel: 26 48 04 50

Ouvertures:
**17:00 - 19:00**

Den ScoutsShop ass **ëmmer Donneschdes** op, ausser während den Schoulvakanzen!

| | |
|---|---|
| 19.12.2025 | WinterWonderLand |
| 20.12.-04.01.2026 | KRËSCHT-VAKANZ |
| 10.01.-11.01.2026 | TC (Réserve) |
| 10.01.-11.01.2026 | EX Raid |
| 28.01.2026 | CoGro |
| 31.01.2026 | Ekipp-It |
| 12.02.2026 | Réunion semestrielle |
| 14.02.-22.02.2026 | FUES-VAKANZ |
| 27.02.2026 | RO/TB Quiz |
| 06.03.2025 | Soirée Chef de Groupe |
| 21.03.2026 | SC Explo |
| 21.03.2026 | RO Olympiade |
| 21.03.2026 | TB Dag |
| 28.03.-12.04.2026 | OUSCHTER-VAKANZ |
| 25.-26.04.2026 | LX SixerWeekend |
| 09.05.2026 | BV FunDay |

# ET SCHÉNGT ...

01) wi wann d'FNEL all Joër een Thema vun Joër festleet fir dat e rouden Fuedem am Joresprogramm soll sinn.
02) dat daat neit Scoutsjoër ugangs September mat vill Succès & Spaass gestart gouf op der Gruppenversammlung.
03) wéi wann am Oktober een historeschen Dag fir Lëtzebuerg an natiirlech och Scouting in Luxembourg wor.
04) dat eisen alljähregen Rendez-vous dem Viiz-WE och nees um Kalenner stoung, dësen nees 1x mol zu Zëtteg wor.
05) wéi wann d'FNEL een Opruff gestart huet, well verschidden Commissaire-Posten nei besaat missten ginn.
06) dat no enger klenger Paus (also no 2023) wuel nees een Camp Richtung Nepal geplangt gët fir am Joër 2027.
07) wéi wann international ëmmer eppes um Ziedel steet an dann och demnächst den nächsten Jamboree usteet.
08) wéi wann dem Manul séng Mission zu Osaka lo zu Enn gaangen ass, hat awer nach bessi vum Land profitéiert.
09) dat mer am Januar mol sait Laangem nees eng GruppenSchlittschongSortie um Kalenner stoen hun.
10) wéi wann mer no laangen Joëren, een mussen goen loossen an d.FNEL deen engem ëmmer weidergehollef huet.

# ET SCHÉNGT NËT NËMMEN ...

01) dat sie sëch dës Joer ‚RV am Bësch' erausgesicht hun, an lo bessi Alles an di Richtung geplangt wärt ginn.
02) wéi wann d'Kanner hei zesummen dem B.P. weiderhellefen konnten séng Scoutstechniken ze refreshen.
03) dat eisen Chefscout den Roll vun séngem Papp iwwerholl huet an lo eisen neien Grand-Duc vu Lëtzebuerg gouf.
04) wéi wann mir MERCI soen dat mer do duerften wurschtelen, deen Nächsten awer wuel nees zu Bouneweg ass.
05) dat wanns du interesséiert bass, du dëch kanns informéieren oder bei hinnen mellen fir deen neien Challenge.
06) wéi wann do schon een Opruff gestart gouf fir een Staff zesummen ze setzen, fir dann Ouschteren'27 ze starten.
07) dat dësen dann wi der villaicht schon héierenhudd vum 30.07-08.08.2027 an Polen zu Gdansk sattfannen wärt.
08) dat hat e klengen Tempel Tiirchen trëppelt, iir ët sain neien Challenge als Vize Präsidentin bei der FNEL untrëtt.
09) wéi wann daat och définitiv vill méi Spaass am Grupp amt kleng&grouss d'Schlittschongpist onsëcher ze maan.
10) dat de Claude ‚Kuffi' a séng wuelverdéngten Pension geet ungangs 2026, mir him eng gudd Zait do wënschen.

# LBB MEMES










# LES AMIS DES LIONS BLEUS

M.Schintgen Claude, Melle Meyer Arlette, MM Majerus Tina, MME Reifenrath Katrin, MM Fay-Bisdorf, M.Sinner Robert, Thibo Charles, Anonyme, MM Majerus Patrick, M.Minn Claude, Fam. Theisen/Jhang Katia, M.Grün Joe, M.Rohmer Kevin, MM Heinen Gerard, Fam. Reiners, Fam. Reuter-Schantzen, . . .

## dezember'25

| | | |
|---|---|---|
| Me | 1 | |
| Dë | 2 | |
| Më | 3 | |
| Do | 4 | |
| Fr | 5 | |
| **Sa** | 6 | **LBB WANTERMAART &<br>KLEESCHEN fir JIDDEREEN** |
| **So** | 7 | |
| Me | 8 | |
| Dë | 9 | |
| Më | 10 | |
| Do | 11 | |
| Fr | 12 | |
| **Sa** | 13 | BV/LX/PV/EX |
| **So** | 14 | |
| Me | 15 | |
| Dë | 16 | |
| Më | 17 | |
| Do | 18 | COMITE |
| Fr | 19 | |
| **Sa** | 20 | |
| **So** | 21 | **KRËSCHTCAMP fir SC/EX** |
| Me | 22 | **KRËSCHTCAMP fir SC/EX** |
| Dë | 23 | **KRËSCHTCAMP fir SC/EX** |
| Më | 24 | |
| Do | 25 | |
| Fr | 26 | |
| **Sa** | 27 | |
| **So** | 28 | |
| Me | 29 | |
| Dë | 30 | |
| Më | 31 | **KRËSCHT-VAKANZ** 20.12-04.01<br>**SYLVESTER** |

## januar'26

| | | |
|---|---|---|
| Do | 1 | |
| Fr | 2 | |
| **Sa** | 3 | |
| **So** | 4 | |
| Me | 5 | |
| Dë | 6 | |
| Më | 7 | |
| Do | 8 | |
| Fr | 9 | |
| **Sa** | 10 | BV/LX/PV<br>FNEL EX Raid |
| **So** | 11 | FNEL EX Raid |
| Me | 12 | |
| Dë | 13 | |
| Më | 14 | |
| Do | 15 | |
| Fr | 16 | |
| **Sa** | 17 | **GR-Schlittschong SORTIE** |
| **So** | 18 | |
| Me | 19 | |
| Dë | 20 | |
| Më | 21 | |
| Do | 22 | COMITE |
| Fr | 23 | |
| **Sa** | 24 | BV/LX/TV<br>**EX WEEKEND** |
| **So** | 25 | **EX WEEKEND** |
| Me | 26 | |
| Dë | 27 | |
| Më | 28 | |
| Do | 29 | COMITE (fir AG) |
| Fr | 30 | |
| **Sa** | 31 | BV/LX/TV/EX<br>**AG LBB**/ LBB Shop |

## februar'26

| | | |
|---|---|---|
| **So** | 1 | |
| Me | 2 | |
| Dë | 3 | |
| Më | 4 | |
| Do | 5 | |
| Fr | 6 | |
| **Sa** | 7 | BV/EX<br>**LX & SC WEEKEND** |
| **So** | 8 | **LX & SC WEEKEND** |
| Me | 9 | |
| Dë | 10 | |
| Më | 11 | |
| Do | 12 | FNEL Réunion semestrielle |
| Fr | 13 | **Start TECHUANA** |
| **Sa** | 14 | **TECHUANA** |
| **So** | 15 | **TECHUANA** |
| Me | 16 | **TECHUANA** |
| Dë | 17 | **TECHUANA** |
| Më | 18 | **TECHUANA** |
| Do | 19 | **TECHUANA** |
| Fr | 20 | **TECHUANA** |
| **Sa** | 21 | **TECHUANA** |
| **So** | 22 | **Retour TECHUANA** |
| Me | 23 | |
| Dë | 24 | |
| Më | 25 | |
| Do | 26 | COMITE |
| Fr | 27 | FNEL RO/TB Quiz |
| **Sa** | 28 | BV/LX/EX<br>**SC SORTIE** |

# ALLERLÄSCHT WANDROUS - SÄIT

fnel scouts & guides

LIONS BLEUS 19 14 BE PREPARED

LUXEMBOURG 1

Port payé

P/S 057

D'CheffenEkipp & de Comité
wënschen séngen Memberen an
Frënn schéin Krëschtdeeg, e
besënnlecht Fest an e gudde Start
an daat neit Joër & bleift gesond ;)



*** THATS ALL FOLKS ...**